# RIED VUM BLANCHE WEBER
# PRESIDENTIN MOUVEMENT ECOLOGIQUE
# KONGRESS 2023

Léif Memberen,
Léif Frënn,

Mäer wësse wat ze maachen ass!

De Kärmessage vum leschten IPPC-Bericht, deen dës Woch erauskoum, ass alt erëm ganz kloer: de Kampf géint de Klimawandel erlaAbt keen „Obschiebe“ méi. Et muss direkt a ganz déifgräifend gehandelt ginn.

Grad esou kloer sinn d'Aussoen am Beräich Biodiversitéit, wéi z.B. am Kader vun der Konferenz vu Montreal: Mir mussen elo konsequent aktiv ginn, soss zerstéiere mir eis eege Liewensgrondlagen!

**Wéivill Sommeten, wéi vill Studie brauche mir nach, ier dann elo wierklech reagéiert gëtt! Wat muss nach geschéien, datt mir als Mënschheet net weiderhi bewosst eis eege Liewensgrondlagen zerstéieren?**

D'Zuel vun de Wëssenschaftler:innen a Bicher an deene probéiert gëtt ze erkläre firwat net méi konsequent virgaange gëtt, huele massiv zou.

Mënsche veränneren sech net gäre – de Mënschen ass den Alldag méi no an déi wierklech Konsequenze komme réischt an der Zukunft – d'Politiker:inne mussen erëmgewielt ginn a fäerten duerfir ze vill wäitreechend an och deelweis ggf. manner populär Moossnamen ze huelen…. sinn e puer Erklärungsversich fir dës Situatioun.

**Mais déi Erklärungsmuster ginn elo iergend eng Kéier net méi duer. Se si sécher hëllefräich fir e gewësst Verständnis fir d'Situatioun ze hunn, ma se ginn net méi duer. Si si kéng Entschëllegung méi fir Net-Handelen.**

Well mäer gesinn a spiere jo awer elo schonn d'Konsequenze vu der Klima- an der Biodiversitéitskris, se sinn net méi an der wäiter Zukunft. Se sinn elo do ! An et ass och just eng Saach vun Empathie an engem

Bewosstsinn vu Gerechtegkeet, fir iwwert den Tellerrand ze kucken an ze gesinn, datt elo schonn an de Länner vum Süden d'Klimakatastrophe fir immense Misär suergt. An och bei eis ass se ukomm.

A jo, de responsabele Politikerjob ass keen einfachen. D'Verantwortung ze hunn elo fir d'Transitioun ze suergen a Kontradiktioun auszehalen ass alles anescht wéi einfach. Ma ëmmer méi Leit wëssen dat, ëmmer méi Leit géingen déi néideg Decisiounen am Sënn vun der Transitioun an och de politesche Courage vu Politiker déi se uginn, unerkennen.

Eng oder e Politiker:in gëtt jo och net gewielt, well si oder hien positiv Stëmmung mëscht, ma well si oder hien déi richteg Entscheedunge fir d'Zukunftsgestaltung hëlt an och bereet ass eng Kéier unzëecken. Firwat soss gi Politiker:inne gewielt?

---

Mäer wëssen a ganz ville Beräicher wat ze maachen ass. De Biolandbau muss net nei erfonnt ginn, och de Vëlo net. Wéi wichteg eng nohalteg Steierreform ass, ass och gewosst, och datt d'Landesplanung muss politesch eng Koordinatiounsfunktioun kréien oder datt méi eng staark interministeriell Zesummenaarbecht onbedéngt néideg ass fir déi komplex Problemer vun haut ze meeschteren.

Et mussen duerfir elo Neel mat Käpp gemaach an all dës bekannten Instrumenter endlech ëmgesat ginn! Et gëtt der honnerten, dausenden déi bekannt sinn. Mir wëllen och kee neie vermeintleche Bedeelegungsprozess oder soss een neien Thinktank, deen den xten-Brainstorming mëscht doriwwer, wat ka gemaach gi fir d'Velofuere méi attraktiv ze maachen! Alles dat ass gewosst. Et wierkt alt wéi wann déi Gremien net agesat géifen, well eng wierklech Bierger:innenbedeelegung d'Zil ass, ma well Decisiounen déi solle geholl ginn a scho bekannt sinn no hanne vertässelt kënne ginn. An datt probéiert gëtt elo kéng Responsabilitéit mussen ze iwwerhuelen. Bedeelegungsprozesser si wichteg fir ze iwwerleeën, wéi Moossname konkret kënnen ëmgesat ginn, awer net fir fir d'xt al bekannte Moossnamen nei opzelëschten.

---

Ma net an all Beräich ass et ganz kloer, wéi genau den zukünftege Modell ausgesi kann. Mäer sinn an esou enger fundamentaler Zäit vun Ëmbroch, datt et virun allem och drëm geet de Courage ze hunn, déi richteg nei Richtung anzeschloen. Dat trëfft sécherlech op de Wirtschaftsmodell zou.

Mir ginn als Meco oft gefrot: Wéi genau gesäit Äre Wirtschaftsmodell dann aus, dee net esou wuesstemsofhängeg ass? Et  huet, just fir dat ze soen, zwar och keen d'Äntwert, wou mäer an 20 Joer mam haitege Modell stoe geifen, ma dat gëtt manner gefrot .

Jo: mir musse „zouginn“: Et läit kee fäerdegt einfacht Konzept um Dësch, wéi e manner wuesstemsofhängegen, eis Liewensgrondlage schounende Modell ausgesi wäert. Déi 100% Äntwert huet nach keen! Dat ass ze vill erwaart, desto méi vun enger ONG déi um Benevolat baséiert. **Ma dat wichtegst ass emol ze erkennen, datt den häitege Modell de falschen ass.** Fir „zouzeginn“, datt e sech verselbstännegt huet an d'Nodeeler d'Virdeeler iwwerweien. Datt de jëtzege Modell zwar derzou féiert, datt eis Liewensgrondlagen zerstéiert ginn, en et awer emol net erméiglecht, datt all Leit op dësem

Planéit gutt liewe kënnen! Leider si virun allem vill Verantwortlech an Entscheedungskreesser nach wäit ewech vun dëser Analyse oder de Konsequenzen déi draus ze zeie sinn. Ma entscheedend ass: mäer wësse ganz genau wéi eng Instrumenter missten ergraff ginn, fir an déi richteg Richtung ze goen:

Als Kongress vum Mouvement fuerdere mir kloer: et soll elo endlech ugerappt ginn, verschiddener vun den Instrumenter ginn zënter Jore versprach, sinn also unerkannt!

Wann déi jëtzeg Koalitioun wëll datt Leit hinnen, grad och elo a Walzäiten, vertrauen, datt si Verspriechen och ëmsetzen, da missten si **sech elo nach derzou bekennen, datt de Wuesstemszwang e Problem ass a si missten éischt Analysen an Eckwäerter fir Reforme – an do virun allem eng nohalteg Steierreform an eng Analyse iwwert ëmweltschiedlech Subsiden an e „budget vert“ – virleeën. Mir fuerderen si op e Nohaltegkeetscheck fir Regierungsdecisiounen op den Dësch ze leeën! Ëmgesat kréien si net méi alles, ma sech zur Wuesstemsproblematik bekannt a Fakten op den Dësch geluecht schonn!** Nach hunn se e puer Méint Zäit duerfir.

An da sinn ech awer och bei der Tripartite. Do ass de leschte Summer an enger grousser Drocksituatioun eng Energiepräisdeckelung decidéiert ginn. Dat fir datt eis d'Energiepräisser net fortlafen an esou e.a. ze vill Indextranchen ausgeléist ginn. Duerfir sinn d'Energiepräisser fir jiddweree gedeckelt ginn, egal wéi vill Energie ee verbraucht, egal wéi vill ee verdéngt!

Am Kloertext: De Staat a mäer bezuele grad och engem deen total iwwerdreift mam Energieverbrauch an och genuch Geld huet, e gudden Deel vu senger Energierechnung.

Staatlech subventionéierten Energieverbrauch och fir ganz Räicher! Dat an Zäite vu Klimakatastrophe, an Zäite wou vu Verdeelungsgerechtegkeet a vu Präiswourecht geschwat gëtt. An Zäite wou all Sou gebraucht géif, fir déi wierklech sozial-ekologesch Transitioun ze finanzéieren! Eng verkéiert Welt.

Déi Decisioun wuar schonn de leschte Summer immens problematesch, ma elo – 7 Méint duerno, also bei der Tripartite viru ganz kuerzem – ass et esou guer net méi ze verstoen, datt déi do Präisdeckelung weider gefouert gëtt, 2024 inklusiv.

Wou d'Geld hierkënnt. Egal! Wat déi ekologesch Repercussioune sinn: egal! Op et sozial gerecht ass: egal! Haaptsaach jiddwereen dee ronderëm den Dësch souz huet säi Gesicht net verluer a Changementer konnte verhënnert ginn. Ma all Acteuren haten dach 7 Méint Zäit, fir eng serieux Léisung an d'Wee ze leeden! Firwat ass dat net geschitt? D'Erklärung schéngt einfach: Et huet wuel jiddwereen arrangéiert, datt alles beim ale bléift! Et wuar eng pragmatesch Äntwert. Keen verléiert eppes, ausser de Staat, ausser déi nächst Generatiounen an d'Klima! En Hohn.

Firwat stelle mir dat Beispill esou an d'Fënster: ma well et symbolträchteg ass fir haiteg Problemer!

Et huet een den Androck, datt an zentralen Zukunftsfroe wou och „Gewinntes“ muss a Fro gestallt ginn, scheinbar all Acteuren um Dësch net de Courage hunn, déi reell Problemer oder stritteg Punkten unzegoen. An dësem Fall: Wéi definéiere mir sozial Gerechtegkeet? Wéi ka mam haitegen Indexsystem e nohaltege Steiersystem en Place gesat ginn? … fir just déi 2 Froen ze huelen.

**Wa mir awer all Kéier dann, wann et Eescht gëtt, wa méi grondsätzlech Reformen néideg si fir datt d'Ekologie, d'sozial Selektivitéit an déi kommend Generatiounen net zum Verléierer ginn, de Kapp an de Sand stieche …. da komme mir net weider!**

De Finanzement vum Sozialsystem ass en anert Beispill. Mir maache monter, wéi wann z.B. eise Wuesstem nach 50 Joer kéint weider goen a bauen de Finanzement vun eisem Sozialsystem dorop op. Dat aus dem ganz einfache Grond, well déi eng fäerte wann de Problem géif thematiséiert ginn, géif a Fro gestallt wéi en haut agespeist gëtt - an déi aner hirersäits fäerten, d'Héicht vun de Pensioune géing a Fro gestallt ginn. Déi Suergen si jo legitim! Ma ze mengen et kéint esou weider goen, ass net responsabel. Mir sinn an engem Schnéiballsystem, wou ëmmer méi Leit mussen an d'Land kommen an hëllefen dat ganzt um Lafen ze halen. De Modell wäert aus ville Grënn kollabéieren. Iwwerloosse mir et och an dësem Beräich de nächste Generatioune mat eise Feeldecisiounen eens ze ginn oder gi mäer elo aktiv?

A wann een do den Automatismus gesinn huet, deen agetratt ass, wéi d'Cour des Comptes gewot huet de Fonctionnement vun der Tripartite ze hannerfroen, da wuar dat och scho befriemend. Et gouf direkt Stuerm géint d'Propose gelaf, datt d'Tripartite soll duerch eng ekologesch Stëmm ergänzt ginn, fir datt dës Dimensioun och vertruede wär. Ma d'Cours des Comptes huet den Domm ob eng zentral Fro geluecht : gëtt d'Zesummesetzung an de Fonctionnement vun haitege Gremie nach den Erausfuerderungen gerecht? Well déi Gremie goufe viru längerer Zäit, deelweis viru Joerzéngten, agesat. Si hunn sech an hirer Struktur net weider entwéckelt, fir de neien Erausfuerderunge vun der nohalteger Entwécklung, der Klima a Biodiversitéitskris gerecht ze ginn. Leit, déi sech mat der Transitioun beschäftege soen: Mäer brauchen aus Siicht vun der Nohaltegkeet eng Reform vun eisen Institutiounen! Déi klassesch Acteure – dat gëllt och fir Gewerkschaften a Patronatsorganisatioune **–** mussen sech opmaache fir Ëmwelt-Acteuren, fir d'Zivilgesellschaft.

**De Verglach ass vläicht e e bëssse gewot: ma ech maachen e ganz bewosst. Haut ass sech jiddwereen eens, datt wa mir viru Joren d'Energietransitioun wierklech ugaange wären, d'Konsequenze vun der russescher Invasioun an d'Ukrain am Energiesecteur bei wäitem net esou schlëmm gi wären.**

**Ma komm mir sinn éierlech: mäer verluppe grad esou wéi deemools déi néideg – laang bekannte – Verännerungen, well se hannerfroe Gewunnechten, Muecht- a Profitverhältnisser géingen op d'Kopp geheit ginn. A well och géinge bedeiten, datt couragéiert Reforme missten an d'Wee geleet ginn.**

**Mir fuerderen awer als Meco an: De Feler soll eis net nach eng Kéeier geschéien!**

**Mir brauche grad elo – grad elo wou zentral Decisiounen onbedéngt néideg sinn – politesch Acteure wou bereet si bewosst Ambiguitéiten, verschidde Vu'en, Onsécherheeten auszehalen an awer och wëssenschaftlech Fakten ze thematiséieren. An dat gëllt net nëmme fir Politiker:innen, ma fir all gesellschaftlech Acteuren, Gewerkschaften un éischter Plaz an och ekonomesch Vertrieder:innen ….**

**Mäer brauchen, ech fannen den Ausdrock esou schéin, wohlwollend Diskussiounen a wohlwollende Sträit deen eis virubréngt. Dat och am Vertrauen, datt och e groussen Deel vu Leit dës Changementer akloen.**

Dann ass natierlech d’Fro: Wat ass am Kontext vun där Transitioun, d’Roll vun Ëmwelt-ONG’en, och vun engem Mouvement.

Och déi muss deemnächst am Fong diskutéiert ginn: wéilten a kéinte mir eis nach méi wéi bis elo an institutionellen a staatleche Gremien investéieren. Dat mat dem Risiko eis Onofhängegkeet anzeschränken oder / an déi fräi Stëmm bleiwen déi aus der Zivilgesellschaft agéiert? Och mam Risiko eis vläicht ze iwwerfuerderen? Wéi vill och wëllen a kënne mir eis am Detail a Reformprozesser abréngen?

Ech weess d’Äntwert, grad wéi mengen ech och de Gros vun iech am Sall, an dësem Ablack net. Ma entscheedend ass, datt mir eis bewosst all dësen Diskussioun stellen a nach méi driwwer nodenke wéi mir eis och als ONG kënne fit maache fir den Challenge a wéi eng intern Struktur-Reforme bei eis ggf néideg sinn? Wat kënne mir besser maachen? A net zulescht: wéi kenne mir grad am Waljoer eis Iddien nach méi ënnert d’Leit bréngen?

Ech komme géint der Schluss

Mir kennen houfreg sinn, datt mir mat eise „Roadmapen“ zwou Publikatiounen erausbruecht hunn, mat jeeweils iwwert 150 Säite ganz konkrete Propose fir d’National- a fir d’Gemengewalen. Jo, dat sinn „déck“ Mecodokumenter. Ma an Zäite wou villes esou iwwerflächlech gekuckt gëtt ass et desto méi wichteg, datt eng ONG wéi mäer sech d’Méi mëscht, ganz konkret a grëffeg Ureegungen ze erstellen. E grousse Merci u jiddwereen dee gehollef huet a sei Wëssen, seng Passioun an Engagement abruecht huet.

Datt d’Zäitfënster déi bléift, fir dat schlëmmstent ze verhënneren, ëmmer méi kleng gëtt, ass gewosst. Mir all wëssen, datt déi nächst Legislaturperiod  entscheedend wäert sinn, ob eis déi ekologesch-sozial Transitioun gelénge wäert.

Kommt, mir bleiwe weider net bei der Kritik stoen, esou berechtegt se deelweis och maach sinn. Komm mir maache weider Drock, datt eis Iddien an de Wale Geheier fannen.

A wa mir all den Owend hei setzen, wann och Politiker:innen am Sall setzen, dann ass et, well mir awer zu vill sinn, déi un en anere Modell gleewen. Wéi sot d’Primatefuerscherin Jane Goodall: Ech si keen Optimist, ma ech sinn en hoffnungsvolle Mënsch.

Haut huet e Member geschriwwen, hie géing bewonneren, datt mir am Mouvement nach ëmmer Courage hätten, fir sou eng konkret a konstruktiv Aarbecht ze maachen. Et soll een sech näischt virmaachen. Ech mengen et ass keen hei bannen, dee sech net och ëmmer erëm freet: lount et sech nach aktiv ze sinn? Sollt een net just nëmmen d’Liewe genéissen? Ech menge kee vun eis ass immun géint d’Gefill vun der „Ohnmacht“ mat de multipele Krisen deene mäer ausgeliwwert sinn. Ausso wéi déi: Elo musse mäer mol op den Ukrainkrich reagéieren, d’Klimakris muss waarden, setzen engem schonn zou…. Well mäer sollen eis näischt virmaachen, et wäert a noer Zukunft keng krisefräi Zäit méi ginn.

**Keen weess och ob et mat eisem Engagement nach gelénge wäert datt de Klima net kippt an eis natierlech Liewensgrondlagen erhale bleiwen. Ma eppes ass kloer: wann ee net probéiert, huet ee scho verluer.**

**An eppes aneres ass grad esou kloer: Engagement stäerkt een och, ech well keen Affer sinn, ma Handelen!**

**Wéi seet de Richard David Precht: Ech hu mech léiwer a mengen Hoffnunge geiert a verluer, wéi ech hunn net probéiert an ech hätt kënne gewannen.**

Komm mir huele weider de Courage an d’Hand a setzen eis weider derfir an, datt et besser gëtt. A komm mir ënnerstëtzen déi Politiker:innen, déi sech couragéiert fir dee Wee engagéieren.

Loosst eis weiderhin mat eisem Engagement, eisen lddien, eiser Loscht a Leidenschaft fir eng positiv Zukunftsgestaltung, eiser Léift fir d’Natur an hier Schéinheet, eiser Mënschlechkeet an dem héije Wäert dee mir der sozialer och weltwäiter Gerechtegkeet ginn, eis wieder anzesetzen an eng gutt Zukunft fir déi nächst Generatiounen.

Dat no eisem Motto: lieweg, kritesch, engagéiert.

Lëtzebuerg, den 24.03.23